N°7117
Entrée le 03.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.11.2022

adr
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 2. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

> De fréiere SREL-Mataarbechter Frank Schneider sëtzt säit iwwert engem Joer a Frankräich am Prisong, wou elo a leschter juristescher Instanz decidéiert gouf, datt hien un d'Vereenegt Staaten soll ausgeliwwert ginn. Déi endgülteg Decisioun läit elo bei der franséischer Premierministesch, déi elo stellvertriedend fir d'franséisch Regierung an onofhängeg vun der franséischer Justiz iwwert d'Ausliwwerung muss decidéieren. Am Fall vun enger Verurteelung virun engem amerikanesche Geriicht misst de Lëtzebuerger Beamten fir bis zu 40 Joer an de Prisong, wat a sengem Alter enger Verurteelung zu liewenslänglech gläichkënnt.
>
> An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wëll den Här Staatsminister zu Gonschte vum Här Frank Schneider intervenéieren fir eng Ausliwwerung un d'Vereenegt Staaten ze verhënneren?
2) Gesäit d'Regierung hei en Interessi vum Lëtzebuerger Land fir e fréiere Mataarbechter vum SREL, dee confidentiel Informatiounen huet, net un en anert Land auszeliwweren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten